KaGePe Newsletter

KARNEVAL GEMENG PEITENG

Joër 2013 N° 9 28. November 2013

d'Informatiounsblad fir eis Sympathisanten

De Péitenger Wand, dee bléist, dee bléist, dee bléist !

Dat huet een den 11.11. um Optakt vun der Péitenger Fuesend gesinn a gespuert:

Zesummen hu mir (an domadden menge mer all di séllege Fuesgecken) mam neien Prënz

Marc II

Marc Goergen vu Lamadelaine

d'Fuesend gebührend ageleed !

Den Al Humba, de Käpt'n Ändä & Matrous K1000 feat. the Hüettes mat direkt 2 néie Lidder fir de KaGePe, ...eng MEGA Ambiance hun definitiv bewissen, dass Péiteng aus sengem Dornröschen-schloof erwecht as a sengem Ruff als lëtzebuerger KarnevalsHéichbuerg erem gerecht gin as.

An dat Allerbescht as: ...et geet eréischt un !

Kapesëtzungen 2014

Virverkaaf: *Mëttwochs, 11. Dez. 2013*

um 19.11 Auer am Centre de Loisirs zu Lamadelaine !

Einfach 18 € pro Billjee matbrengen, bezuelen an d'Billjeeën direkt mat Heem huelen

Et besteet och d'Méiglechkeet sech deen Owend Plazen fir d'Busnavette ze reservéieren !

Weider Infoën op : www.kagepe.lu

Prinzess Night, 8. Februar 2014

19.30 Auer: Hotel Threeland Péiteng

D'Wiel vun der Prinzessin 2014, mam

Geschlosse Soirée, nëmmen fir déi Léit, déi reservéiert hun.
Memberen vum KaGePe sin natierlech priviligéiert!
Reservatiounen bis den 25. Januar um 621 227 315
oder am Virverkaaf den 11. Dezember 2013, um 19.11 Auer
am Centre de Loisirs zu Lamadelaine.

Präis: 40 €
Le Buffet de la Princesse
(Buffet gourmand, Kéisbuffet Dessertbuffet)
1 Coupe Schampes an 1 Stëmmkaart pro Persoun

Fräi Nuecht

Tenue de soirée

Bass Du e sympathescht Meedchen, wéinstens 17 Joer jonk op den 8.02.2014, wunns oder schaffs an der Gemeng Péiteng, oder bass Member an engem Veräin aus der Gemeng ?

Du bass bereed un allen Aktivitéiten vum KaGePe Fues-Agenda (Säit 4) deelzehuelen ? Da bass Du eis Kandidatin fir d'Wiel vun der

Karnevals-Prinzessin 2014

Schéck Deng Bewerbung mat Foto bis den 25.01.2014 op:
info@kagepe.lu, oder KaGePe, B.P. 1 L-4701 Pétange.

Ennerstëtzt de KaGePe a kaaft eng Memberskaart !

Iwwerweist einfach 5 € op eise Kont béi der

BGL BNP Paribas LU05 0030 3104 6704 0000

mam Vermierk 'Member 2014'

Dir kritt Aer Memberskaart dann heemgeschéckt,
hut Matbestëmmung op der GV, kritt d'Newsletter heem gescheckt
a sidd emmer als Eischt informéiert.

KARNEVAL GEMENG PEITENG

de FANTINO invitéiert :

FUES AGENDA 2014

Hei déi wichtegst Rendez-vous'en an der 5 Joeresäit an der "Héichbuerg vum Karneval" :

☞ 8. Februar
Prinzess-Night am Hotel Threeland zu Péiteng

☞ 9. Februar
Kanner-Bal mat der Wiel vun der Kannerprënzekoppel am Centre de Loisirs zu Lamadelaine

☞ 28. Februar
Stiermung vun der Gemeng, duerno 'randonnée joyeuse' duerch verschidden Bistro'ën an der Gemeng

☞ 14. 15. 21. 22. 28. März
Kapesëtzung am Centre de Loisirs zu Lamadelaine

☞ 30. März
59. Kavalkad vu Péiteng - FRÄIEN ENTREE !

E grousse Merci un eis offiziell Partner:

Arnold Kontz

pétange MOTIVATION COMMUNE

BOFFERDING

KARNEVAL GEMENG PEITENG ASBL
B.P 1 L-4701 Pétange / info@kagepe.lu
BGL BNP Paribas LU05 0030 3104 6704 0000